Jean **Asselborn**

STENGEFORT

Vizepremier an Ausseminister
Spëtzekandidat am Süden

Mär brauchen net manner, mee en anert Europa. Europa ass méi wéi jee e wesentlechen Deel vun der Äntwert op global Erausfuerderungen.

D'Europäesch Unioun ass a bleift d'Fundament vun der Lëtzebuerger Aussepolitik. Mär mussen d'EU sou ausriichten, datt d'Mënschen erëm am Mëttelpunkt vun der Politik stinn. Wuesstem a Beschäftegung an d'Stäerkung vun der sozialer Dimensioun si wesentlech Viraussetzungen, fir de Biergerinnen a Bierger erëm Vertrauen an den europäeschen Integratiouns- a Friddensprojet ze ginn. D'LSAP wäert och weiderhi fir e staarkt a solidarescht Europa antrieden a sech am UNO-Weltsécherheetsrot fir de Weltfridden, Demokratie an de Respekt vun de Mënscherechter asetzen. Europa an d'ganz Welt sti viru groussen a globalen Erausfuerderungen, déi eenzel Länner alleng net bewältegen kënnen. Dofir muss Europa un engem Strang zéien, fir an der Welt Gehéier ze fannen an eescht geholl ze ginn.

Wann ech gewielt ginn,maachen ech als éischt:
Déi richteg Interpretatioun vum Wielerwëllen.

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Da fueren ech Velo ...

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
De Penizillin.

Gléck ass fir mech:
Wann d'Sonn schéint a jidderee gesond ass.

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
Zu Stengefort, an ech hu jo d'Chance duerch meng Aarbecht als Ausseminister vill schéi Plazen op der Welt kennenzeléieren.

Meng Stäerkte sinn:
... datt ech meng Schwächte kennen.

A meng Feeler / meng Schwächten:
Meng schrecklech Ongedold an datt ech iwwerall mäi Brëll leie loossen.

Am léifsten iessen an drénken ech:
Spigeleeër mat Nuddelen a Schweppes.

Zur Zäit liesen ech:
Bergauf, bergab mam Charly Gaul.

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
De Bolero vum Ravel.

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
Den Charlie Chaplin.

Mäi Liewensmotto:
Et muss Zoch am Täissel sinn... (e flotten ale Lëtzebuerger Sproch fir ze soen, datt et muss viru goen).

„D'LSAP ass hire Grondwäerter ëmmer trei bliwwen "

Mam Ban Ki Moon zu New York.

Mam Michelle a Barack Obama.

Um Mont Ventoux.